piraten.lu

N°4418
Entrée le 08.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.07.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/07/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.**

D'Gesetz vum 8te September 1998 réglant les relations entre l'Etat et les organismes oeuvrant dans les domaines social, familial et thérapeutique (ASFT-Gesetz) reegelt d’Relatioune tëschent dem Staat an Organismen am sozialen, familialen an therapeutesche Beräich.

Hei ass festgehalen, dass dës Relatiounen iwwert Konventioune gereegelt sinn, och mat Strukturen an Ausland. Persoune mat Handicap ginn am Ausland betreit oder ënnerbruecht, wann zu Lëtzebuerg keng passend Plaz oder Struktur disponibel ass.

Fir d’Budgetsjoer 2026 ass fir dëse Posten (Participation de l'Etat aux frais de fonctionnement des services conventionnés pour personnes handicapées) ee Montant vun 152 Milliounen Euro ageplangt. Well dëse Budgetsposten net no nationalen an auslännesche Strukturen opgespléckt ass, ass net direkt ersiichtlech, wéi en Deel vun dëse Mëttel fir Betreiung oder Ënnerbréngung am Ausland agesat gëtt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Konventioune goufen an de Joren 2019 bis 2025 mat spezialiséierte Strukturen oder Trägeren a Frankräich, an der Belsch an an Däitschland ofgeschloss, fir d’Betreiung oder d’Ënnerbréngung vun erwuessene Persoune mat Handicap z'assuréieren? Wéi vill dovunner bestinn aktuell nach?

2. Wéi vill Konventioune goufen an de Joren 2019 bis 2025 mat spezialiséierte Strukturen oder Trägeren an anere Länner ofgeschloss, fir d’Betreiung oder d’Ënnerbréngung vun erwuessene Persoune mat Handicap z'assuréieren?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

3. Wéi héich waren an de Joren 2019 bis 2025 d'Ausgaben, déi am Kader vun dëse Konventioune mat Strukturen oder Trägeren an de genannte Länner engagéiert oder ausbezuelt goufen?
   Kann de Minister dës Montanten no Joer a Land oplëschten?

4. Sinn an dësem Budgetsposten och Montanten enthalen, déi fir reservéiert Better, net beluechte Plazen oder aner Disponibilitéitsgarantien u Strukturen am Ausland bezuelt goufen?
   Falls dës Ausgaben net iwwert de genannte Budgetsposte gebucht ginn, ënnert wéi engem genaue Budgetsposte ginn se da geféiert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten